
A6 - 17

# EXPEDITIOUN „78"

# THEATER

## Blann Passage'er um



## YELLOW SUBMARINE

## HOUWAL'DER EXPLORER

## A K T 1

### 1. Szène

( Et ass Nuecht um Schöff "Yellow Submarine". Schöffssirenen. Geraischer vum Mier an e besschen Wand. 2 Bouwen schleichen iwert d'Bün.)

Claude : Guy?

Guy : Jo, Claude! Wat ass?

Claude : Mengs du, et wier eng gescheit Idee gewierscht eis op dest Schöff ze schmuggelen? mir geet den Arsch ént zu dausend. Et kann net lang daueren, dann hun sie eis entdeckt. Komm, mir mellen eis beim Kapitän. Vill kann eis net gesche'hen!

Guy : Bass du verreckt! Dann hätten mir sollen gleich am Hafen bleiwen. Kaum sin mir 2 Stonnen als blann Passage'er ennerwé an schon fänkst du un den courage ze verle'eren. An ech hat geduecht, du wiers e formidablen Typ, e richtegen Kolleg, mat dém ech alles könnt ennerhuelen. Mé du bass nömmen eng Spullomp!

Claude : Et ass awer deischter, onhémlech an ech sin hongrech. An iwregens hun ech d'Gefill, wé wann dén mat dem Gangstergesicht an mat der decker Zigar wéss, dat mir blann Passage'er sin. Hien grinst ömmer eso' geheimnisvoll wann en eis begént.

Guy : Ech mengen, du spönns. Du wärs léwer mat der Klass an d'Colonie de vacances gangen. Dann geseis du den Schoulméschter och nach an der Vakanz zwo' Wochen.

Claude : Néen, mée .....

( E Schied fällt iwert d'Bün.)

Guy : An Deckung!

(Dé zwé Bouwen werfen sech flach op den Buedem. Et war falschen Alarm.)

Claude : (lues) Guy! (me' haard) Guy!

Guy : Ass en fort?

Claude : Wat? Oh, dat war nömmen den Schied vumm Fendel do!

Guy : Ouf! Wat war ech erféert! Nach eso' én Coup an ech sin herzkrank!

Claude : Geseis de, dir geet et net besser we' mir!

Guy : Ech gin awer net bei den Kapitän. We' sollen mir eis hei behuelen ouni dauernd den Kalzong ze wiesselen an ouni entdeckt ze gin?

Claude : Mir därfen net opfâlen! Mir mussen eis behuelen we' richteg Passage'er de' bezuelt hun.

Guy : Dat ass et! Muer sichen mir eis eng eidel Kabin an stolze'eren iwer Deck, we' wann mir Millionären wieren. Elo sichen mir eng gemiddlech Plâtz fir ze pennen.

Claude : Hei, bei deser Köscht schengen mir richteg ze sin. Ech tesselen mech direkt.

(Sie rîchten sech an fir d'Muecht.)

Guy : Ei, hei ass et gemiddlech an et geseit kén eis. Muecht, bis muer

Claude : Muecht!

(Et ass roug. Wassergeräischer an e besschen Wand. Lues a lues get et hell.)

## 2. Szène

(Et ass hell. Passage'er spaze'eren iwer Deck oder setzen an Liegestill. E puer Explorer mat rouden Hitt, âl Tataen, Matrousenchoer, asw.)

1. Madame : (zu enger Nopesch) Wesst der Madame, ech hätt och können mat menger Jacht eng Croisière mân. Sie ass zwar net grad eso' grouss we' döst Passage'erschöff. Mé ech wollt mol nees ennert den Leit sin. Wann dir dat ganz Joer an engem Schlass vun 2oo Zömmer sötzt, dann wöll der mol aner Gesîchter gesin.

2. Madame : Do hutt dir ganz recht. Schliesslech muss én seng Suen och önnert d'Leit brengen. Ech wöll meng Bijouen net an engem Safe vermûschten lôssen.

1. Madame : Oh, de' wonnerbar Stecker. Den Owend könnt dir meng och bewonnerer Ech hun meng ganz Kollektioun bei mir.

(D'Gangsteren de' nobei setzen, lauschteren gespannt. Sie fömmen Zigar, hun de Revolver erausstiechen, Sonnebröll un.)

1. Gangster: Chef! Ech mengen e besschen Arbecht könnt eis neischt schueden. D'Tataen schengen ganz koopératif ze sin.

Chef : Alles zu senger Zeit. D'Stengercher lâfen net fort. Eso' wonnerbar Stecker kann ech net an den Hänn vun enger âler Gluck gesin.

(2 Explorer mat rouden Hitt kommen lânscht.)

1. Expl. : Wo' ass hei den Flipper? Hues du Mönz fir ze spillen?

2. Expl. : Ech brauch meng Mönz selwer. Mir spillen zu ve'er um B-Deck eng Partie Poker.

(verschwannen nees)

Kapitän : Meng le'f Passage'er! Ech an meng Mannschaft....öh, meng Mannschaft an ech wöllen iech eng kleng Distractioun präsente'eren. Meng Matrousen hun én Gesangschoer forme'ert an wöllen iech mat hiren déischteren rauhen Männerstömmen Matrousenlidder präsente'eren.

1. Madame : Oh, we' se'ss!!!

Kapitän : Dir musst mech entschöllegen, dat ech mech zreckze'en. Ech verdroen d'Mier schlecht. Ech gin eng Pöll huelen. Ech wönschen iech nach vill Spaass mat eisem Choer "The Drunken Sailors". Applaus!

(verschwönnt ganz schnell).

Choer : "Alle meine Entchen schwimmen ....."

(De Choer songt sein Lidd, verneigt sech, verschwönnt. E Mann mat enger "Int" spaze'ert iwer Deck.)

Passage'er: Hé, Meeschter, firwat laft dir dauernd mat där Int doremmer?

Mann mat der Int : Ech kann net schwammen an ech sinn e virsichtege Mönsch. Et wéss én jo nie, wat passéeren kann.

(E Stewart könnt mat enger Glack a schellt.)

Stewart : Den Restaurant ass op! Den Restauraht ass op!

(Alles stierzt sech von der Bün. Et get lues a lues deischter. Schöffssirènen Geplätscher vum Wâsser. De' 2 Mann Passage'er schleichen nees iwer Bord.)

## 3. Szène

Guy : Geseis du Claude, den 1. Dâg hun mir gudd gepackt. Kén huet sech un eis geste'ert.

Claude : Mir hun eis ennert d'Passage'er gemöscht an hun gemacht we' sie. Schued dat keng Kabin méi frei ass. Den hârden Schöffsbuedem sin ech nach net gewinnt.

Guy : En huet neischt bezuelt an wöllt an engem Himmelsbett schlôfen. Du verlangs vill an enger Ke'er.

Claude : Psst! Ech mengen, et könnt én.

Guy : Schnell hannert de' Köscht do.

(Sie verstoppen sech. 2 Gangsteren kommen bei d'Reling.)

Roberto : Renato, dem Boss sein Plang ass gudd. Seng Idee, eng Croisière ze mân an dobei den reichen Tataen d'Bijouen ze botzen ass formidabel. Keng Polizei un Bord. Mir spaze'eren an d'Kabin No 5, klemmen der Bôm den Klappes ennert d'Nues an kommen als Millionären eraus.

Renato : Ganz eso' einfach ass et awer net, Roberto! Owes beim Iessen machen ech hier eppes an d'Gedrenks, fir all Risiko ausze- schalten. Et wéss én jo nie. Et kann jo eng rôsen Louder sin.

(Guy ne'tscht)

Claude : Gesondhét, Guy!

Guy : Psst!!!

Roberto : Do ass én! Mein Messer!

Renato : Wo? Ech gesin neischt.

Roberto : Ech hun awer eppes he'eren. Et koum aus dem Eck.

(Sie gin op de' zwé Jongen duer.)

Renato : Bosetzen der zwé.

Roberto : Sie därfen eis net entwöschen. Sie hun bestömmt eppes matkritt.

(Sie werfen sech op d'Jongen;Catch)

Roberto : Au, au , auuuh!!! Dén huet mech gebass! Dén huet mech gebass!!!

(Den Guy entwöscht.)

Renato : Lâf em nô, du Iesel!

(Den Claude ass gefangen. Den Roberto rennt vun der Bün.)

Bass du ro'eg, soss flitts du vun Bord.

(Den Roberto könnt nees zereck.)

Roberto : Dén âneren ass spurlos verschwonnen.

Renato : Allez, komm mat bei den Chef! dén wärd begeeschtert sin vun dir Trellert.

(Sie gin vun der Bün. De Guy daucht nés op.)

Guy : Waat soll ech elo mân? Elo sin mir schén gezun. Den Claude get vun Gangsteren gefangen gehâlen an ech kann kén alarme'eren. Den Kapitän gléwt mir net, well ech sin kén Erwuessenen an dobei nach e blanne Passage'er. Dann gin ech kurzerhand an en deischtert d'Lach gestach an kann neischt me' ennerhuelen..... Ech muss mech eleng durchschloen. Als e'scht muss ech erausfannen wo' d'Gangsteren den Guy verstoppen, hien befreien, zu zwé ass et vielleicht ne' liicht d'Gangsteren ze iwerfe'eren.
(zum Publikum:)
Fann dir net, e besschen vill fir e Jong an mengem Alter? Mé op grouss Leit kann ech mech am Ableck net verlôssen. Sie huelen mech net fir voll. Elo muss ech hinnen weisen, wat mir Kanner ferdeg brengen. Hoffentlech gét alles richt aus.

(Den Guy guckt zu den Fönsteren eran. Op émol geseit en d'Gangsteren an hirer Kajüt.)

Guy : Wat hun ech eng Chance! Ech hun d'Kajüt vun den Gangsteren fonnt. Den Claude ass och dobannen. Elo muss ech eng gönsteg Gele'enhét ofwârden.
(Rideau zou-Dekoratiounschangement)

## A K T 2

### 1. Szène

(An der Gangsterkajüt. Den Claude huet d'Hänn gefesselt, en Band virun dem Mond; de Gangsterchef rappt sengen Leit d'Panz.)

Chef : Dir sidd alleguer Nullen. Lauter deck renn Nullen! Lauter Typen de' ké Fascht wert sin. Alles muss ech eleng denken, eleng mân, weell kén vun iech eppes hei uewen huet. (weist sei Kapp)

Roberto : Mé Chef!.....

Chef : Du...du..., sief roeg! Well du schléts all Rekorder an der Dommhét.Du bass nömmen gudd fir d'Fösch ze fidderen.

Roberto : Chef... denkt un meng Familgen. 12 Kanner an 13 Enkelkanner wârden op hiere Papp.

Chef : Oh, esou vill. Du wärds d'Kanner aus der ganzer Gâss zesummengezielt hun. An elo denken ech drun.....du bass jo nach Jonggesel Tsss...tsss. Watfir Zoustänn!

Roberto : Oh.... Erbarmen, Chef!

Chef : Genuch mat dénen Dommhéten. Wat hues du eng Chance, dat ech weess dat de' 2 Lausbouwen hémlech un Bord sin. Ech hun gesin we' sie mat Visitörs ticketen un Bord komm sin an dunn un Bord bliewen sin. Ech hun neischt gesôt; well dât huet mech un meng Jugend erönnert. An ech sin gespannt, we' lang sie hei nach matfueren ouni vum Kapitän entdeckt ze gin. Den 2. Jong kann netvill ennerhuelen. Wén glêwt schon engem blannen Passage'er? An d'Kanner le'en dach we' gedreckt. Dén sperrt den Kapitän an ouni ze zecken.

Gangster : Bleiwt de Plang bestoen?

Chef : De Plang bleiwt bestoen. Nuer den Owend mecht den Renato der âler Tata eppes an d'Gedrenks an wann sie de'f schle'ft, raumen mir d'Kabin. (schwetzt me' haard) An wann trotzdem eppes schief gét, dann sidd dir zwé d'Möttegiessen vum weissen Hai, trotz den 12 Kanner asw.!!! (me' lues nés) Virun Kanner brauchen mir eis dach net ze färten. Ech wetten, dén färt sech den Arsch aus der Box. (de Claude rennt en an d'Schinnen.)

Chef : Au, au, au! Sperrt eh an de Schâf! Dann vergin him Dommhéten. Au, au, au! Op de' Peng brauch ech e Schluck an e besschen frösch Loft. (Sie gin all bei d'Dir.)

Gangster : Bleiwt kén bei him?

Chef : Färts du well Kanner?

Gangster : Nén, mé......

Chef : Lass, alles an den Bar. Ech gin eng Tournee, op den Succès vun eiser Entreprise. (Sie verschwannen vun der Bün.)

## 2. Szène

(Et klappt ön un der Dir. Ro'eg. Den Claude rubbelt am Schâf. Op eemol gét lues d'Dir op an den Guy schleicht eran. Et rubbelt nés am Schâf.)

Guy : Ah, do verstopps du dech! Gleich bass de frei!

(Et rabbelt un der Dir. De Guy spréngt an de Schaf.)

Gangster : Mondikass, wo' ass dann mein Revolver? Ouni déen fillen ech mech ganz plâkesch (léft deremmer) Hei ass en net!...Do och net!... (get op den Schâf Eass an guckt dran) Hei ass en och net!... (wöllt nés zoumân). Wat gesin meng himmelblo Aen? Ewell sin sie zu zwé! Verlangers du no dengem Kolleg?

Guy : Ech wollt him eng kleng Kosettchen hâlen. Wann ech ste'eren gin ech direkt!

Gangster : Keng Frechhéten an hei gebliewen. Deng Patten heihin! (fesselt den Guy a sperrt den Schâf zou). De Chef spende'ert mir ele bestömmt én. (de' zwé rubbelen am Schâf) Kleng Kanner sollen um 7 Auer am Bett sin an kén Krmeidi me' mân. (verschwönnt)

## 3. Szene

(Et rubbelt an knuppt am Schâf. Op éemol geet den Schaf op an d'Jongen kommen eraus getrollt.)

Claude : Wo' hues du den Trick gele'ert fir dech esou schnell ze befreien?

Guy : Ech soen dat kengem. Dat ass en Geheimnis. Mé d'Streckelen waren net fest zougezun. Elo awer schnell fort hei. Eng zwét Ke'er Lôsen sie eis net me' lâfen. (Sie verschwannen)

# A K T 3

## 1. Szene

(Nees um Deck vum Schöff. Et ass hellen Do. Passage'er un Deck. D'Gangsteren sichen no eppes. Op der Reling setzen 2 Föscher. Dén én fänkt dauernd Bechsen. Dén aneren huet eng Pân am Grapp.)

1.Föscher : A wat mat dir dann mat der Pân?

2. Föscher: Ech föschen.

1. Föscher: Wat? Dir föscht? D'Fösch sin dach am Wâsser.

2. Föscher: Et gin och Fösch, de' fle'en iwert dem Wâsser! Hopp! Schon hun ech nees én.

1. Föscher: Ouh, ouh! Elo verstin ech firwat ech nömmen Bechsen föschen. Haut ass d'Mier esou verdreckst, dat d'Fösch fléen gele'ert hun. Eng Pân heihin. (1.Föscher verschwönnt; den Kapitän trött op.)

Kapitän : Le'f Passage'er!.....(E Matrous mat Torchong an Schrubber wöllt den Buedem wäschen.)

Matrous : Et deet mer léd. Ech muss elo d'Deck schrubben. Alles op d'Seit.

Kapitän : Wanns du net gleich verschwönns, get et eng mam Mast!

Matrous : Direkt, direkt! An meng 100 Meter Deckschrubben?

Kapitän : No dém fantasteschen Succès vun eisem Choer trauen sie sech nach eng zwét Ke'er opzetrieden. Haut, an dat ass d'Iwerraschung, begléden sie eisen Star, den Freddy.
(Choer an Freddy stellen sech op.)

Kapitän : Applaus!Applaus!......Dir musst mech entschöllegen. Ech kann net bleiwen.....Dir wesst jo...Hmm...Ech...ech hun mech nach net richteg un d'Mier gewinnt.

(De Kapitän verschwönnt schnell vun der Bün. De Choer songt é Lidd mam Freddy. Op éemol kommen eng Band Piraten op d'Bün gestiermt mat vill Gejeichz.)

Piratenchef: Jongen! Huet én den Humm vun Schöff geguckt? Wann ech eso' en mech gucken, hun ech e klengen Deute. Dat hei geseit net no engem Goldtransporter aus.

Pirat : Et ass "Yellow Submarine".

Piratenchef: Jongen, mir verschwannen unopfälleg. Dir Damen, dir Hären, entschöllegt eis. Et war en klengen Irrtum!...(rennt engem e Fouss Hannenbei)...Drés du wuel em Mössiö sein Porte-monnaie zereck!

(D'Piraten verschwannen. De Kapitän könnt lanscht. E Passage'er hält en un.)

Passage'er: Ech félizite'eren iech fir de' vill Iwerraschungen un Bord.De' Idee mat den Piraten war immens.

Kapitän : Vu wat schwetzt der? Wo' ass d'Toilette? Ech kann mech nie drun gewinnen.

1.Matrous: Mien hätt sollen um Stausee bei sengen Segelschöff bleiwen.

2.Matrous: Et ass e richtegen Buedbiddenkapitän.

(D'Leit sin lues a lues verschwonnen. E Gong mellt d'Owesiessen. Et get deischter.

## 2. Szène

(Tata a Grof kommen iwer Deck spaze'ert.)

Tata : Et deet mer léd, Här Grof. Ech hätt eso' gären mat iech en zackegen Rockn' Roll gedanzt. Mée ech sin do'dmidd haut. Ech verstin dat net. Dem Kach ass bestömmt e Schlofmettel an d'Sopp gefall.

Grof : Ech gin de Kach erschéssen. Dén huet mech em en onvergiesslechen Owend bruecht.

Tata : Mâcht dât! Bye, bye, mon cher!

Grof : Jo, Nuecht. (Sie verschwönnt)... Gott sei Dank!Den Kach get net erschoss, mé hien kritt eng Bés. Der Schreckschrauf sin mir lass. Vive la Liberté! Lass an den Bar.

(Et ass ro'eg. Miergeraischer.D'Gangsteren schleichen iwer d'Bün. Sie liechten emt sech an kniewelen an der Kabinendir vun der âler Tata, Kabin No 5. Op emol he'ert én én vun weit falsch sangen. D'Gangsteren sprangen an Deckung. Den Panzvollist tröllt mat "Gegröll" lanscht. D'Gangsteren tuschelen matenén. E Kapp kennt aus dem Rettungsboot.)

Blanne Passage'er: Ro'eg!!! Ech sin zwar e blannen Passage'er, né ech géf och gären dann an Ro' Schlofen. Gelt dir!Merci!

(verschwönnt nees. D'Gangsteren sin platt an gin lues zur Kabin eran. Kaum sin sie eran, kommen de' 2 Jengen op d'Bün.)

Guy : Sie sin dobannen. Elo oder nie!

(De' 2 schloen furchtbaren Kameidi.)

Guy+Claude:Alaarm!!! Alaarm!!! Abriecher!!! Abriecher!!!

(Matrousen an Passage'er kommen erbeigelâf, d'Gangsteren kommen aus der Kabin gestierzt an versichen fortzelâfen. Sie gin gefangengeholl. Den Boss entwöscht onopfälleg.)

2.Passage'er: (mat Potti a Schlofmutz)... Wo' ass Wasser? Ech brauch Wasser. Wo' ass Wasser?

Passage'er: (mat senger platter Int).. Höllef,höllef, ech ersaufen. Ech hun keng Loft mé! Ech kann net schwammen.
(Kapitän könnt erbeigerannt am Kalzong)

Kapitän : Wat ass hei lass?

Gangsteren: Mir hun 2 blann Passage'er erwöscht.

Claude : Dat do sin Abriecher. Sie wollten enger Madame d'Bijouen klauen.

Gangster : Mir hun keng Bijouen. Guckt no!

1.Matrous: Sie hun neischt bei sech, excepté dat hei! (Revolver etc.)

2.Matrous: Här Kapitän, hei ass är Box.

Kapitän : Eweg! Geseis den dann net, dat ech me' wichteg Sachen ze din hun, we' eng nei Box unzenôssen.

Blanne Passage'er: Ro'eg! Ech sin zwar e blannen Passage'er, mé ech géf och dann gären an Ro' schlofen. Gelt dir! Merci!.....
(zu den Leit)... Ech mengen des Ke'er hätt ech sollen roeg sin!!

Guy : Sie waren awer an der Kabin do.

3.Matrous: Dat ass wouer.

Renato : Mir hun eis nemmen renseigne'ert op et der Madame gudd géf goen.

Claude : Hirch Boss ass net dobei!

Guy : Hien war dach och an der Kabin.

2.Passage'er: Dohannen wöllt én iwer Bord sprangen.

Kapitän : Halt en un! Hien kann sech we'h doen.

(Alles rennt vun der Bün. Könnt kurz duerno zereck mam Mafiaboss an der Schwammbox an am Taucherbröll an der Mött. Während dem Zwöschenfall ass den blannen Passage'er verschwonnen.)

3.Matrous: Kapitän, en huet e Säckelchen bei sech.

Kapitän : Diamanten!!!
(D'Kabinendir flitt op. D'Tata könnt erausgestierzt.)

Tata : Meng Diamanten sin gestuel gin!...(geseit den Kapitän mat den Diamanten)...Dir Märder! Dir De'f!!!

Kapitän : Mée Madame!?

Guy : Hien war et net, Madame! Do sin de' schölleg!

Claude : Dir sidd awer matschölleg!

Tata : (entsaat) Waat???

Guy : Dir huet dem ganzen Schöff erzielt, watfir wertvoll Diamanten dir hei hutt. We' soll én di net op schlecht Gedanken kommen?

Chef : Jo, et war eng richteg Provokatioun. Ech hätt gären en Affekôt.

Kapitän : Ro'eg! Dir gidd elo of Kuelen schöppen. (Sie gin ofgefe'ert.)

Tata : Dann gidd dir emol richteg dreckeg an midd, dir Böser!

Kapitän : Hmmm! Wat machen mir mat eisen zwé blannen Passage'er? Ech muss iech bâl asperren, well dir huet keng Schöffsbillets.

Tata : Nén, Här Kapitän, ech bezuelen den Jongen hir Schöffsrés. Ech kömmeren mech öm sie. (De' zwé kre'en eng Bés.)

Alles : Bravo!!!!! Bravo!!!!!

Guy : Ech wär léwer nés blannen Passage'er.

Claude : Ech öch!

Kapitän : (regt sech op) Et hätt awer och én können mir soen, dat ech keng Box un hätt. Wât denken d'Leit vun mir?!

(Alles könnt op d'Bün. E Speaker stellt d'Akteuren an d'Leit hannert der Bün vir.)

Speaker : Ech hoffen dir huet dat mouvemente'ert Steck iwerstânen ouni seikrank ze gin. D'Toiletten sin (weist mam Fanger den Wé). Hei sin d'Akteuren, de' d'Schöff haut den owend secher an den Hafen bruecht hun.

# R O L L E N

| | | | |
|---|---|---|---|
| Guy: | Lesch Paul | Claude: | Mertens Guy |
| Tata (=1.Mad.): | Kraemer Tom | 2. Madame: | Frisch Paul |
| Gangster: | Feypel Daniel | Gangsterboss: | Fonck Gilio |
| 1. Explorer: | Deutsch Tom | 2. Explorer: | Eicher Luc |
| Kapitän: | Recht Alain | Passage'er: | Lepasch Serge |
| Pass. mat der InZt: | Scheid Roby | Stewart: | Fortunaso Daniel |
| Roberto: | Klees Vic | Renato: | Faber Claude |
| 1. Föscher: | Thissen Pierrot | 2. Föscher: | Spier Joe |
| 2. Passage'er: | Lamesch Guy | Matrous mam Torchong: | Schoen Alex |
| Freddy: | Jerolom Marco | Piratenchef: | Goergen Josy |
| 1. Pirat: | Rassel Romain | 2. Pirat: | Soisson Guy |
| 1. Matrous: | Heuschling Guy | 2. Matrous: | Langers Jean-Marie |
| 3. Pirat: | Frisch Paul | Grof: | Koster Georges |
| B lanne Pass.: | Dumont Paul | 3. Matrous: | Lammar Jacques |
| Speaker: | Schintgen Marc | | |

Choer: 1. Matrous + 2. Matrous + 3. Matrous + Matrous mam Torchong + Fonck Serge + Faber Guy + Baustert Patrick

4. Passage'er: Koster Guy

5. Passage'er: Bruno Poli

| | |
|---|---|
| Regisseur: | Leven Roby + Pater |
| Flüsterer: | Marco Dalscheid |
| Mikrosanlage: | Streber Roland |
| Belichtung: | Theissen Henri |
| Material: | Jaeger Jean + Pauly Gilbert |